



vum Mee 2010. D'Konsequenze vun deem Uerteel ginn an der Praxis awer méi wäit. Si gëllen och fir all weider finanziell Rettungsaktiounen. Budgetär Décisiounen kënnen net ouni an net laanscht d'Parlament geholl ginn. D'Uerteel seet jo zur Demokratie an neen zu politeschen Automatismen. Et ass e Succès fir d'Parlament, mä net nëmmen. Et ass och e Succès an eng Bestätegung fir d'Demokratie a fir all Bierger. „Gewinner ist die parlamentarische Demokratie“, sou mäin däitschen Homolog, de Bundestagspräsident Norbert Lammert. An ech ka mech där Ausso eigentlech nëmmen uschléis-sen.

Den Arrêt vun der Cour vu Karlsruhe bestätegt eis an eiser Iwwerzeegung, datt déi national Parlamenter Meeschter iwwert déi Décisiounen sinn, déi de Budget betreffen an domadder an d'Autonomie vun de Parlamenter erareeche, mä awer och iwwer all aner wichteg Décisiounen. Nëmme wann d'Roll vun de Parlamenter hei respektéiert gëtt, kréien déi Décisiounen hir demokratesch Grondlag.

Et bedeit awer och, datt d'Parlamenter hir Ent-scheedungen onofhängeg vun europäeschen Instanzen, aneren EU-Staten oder der Regie-rung musse kënnen huelen. Dat bréngt awer och mat sech, datt mir als Parlament séier an op eng effizient Aart a Weis op Evolutiounen musse kënnen reagieren. Datt d'Chamber dat kann, huet se viru Kuerzem nees bewisen, wéi mer de 15. September an enger speziell fixierter Plenarsitzung den europäesche Rettungs-schierm ugepasst an ugeholl hunn.

Ech wëllt hei och nach eng Kéier ervirsträichen, datt dës Debatt eng interessant, substanzvoll an och kritesch war, déi sécherlech zur Eier vun dësem Haus bäigedroen huet. D'Chamber kann a muss séier agieren a reagieren, do wou et néideg ass. An dat ass jo och schonn an der Vergaangenheet déi eng oder déi aner Kéier geschitt.

Mä d'Parlament muss awer och déi Plaz bleiwen, Dir Dammen an Dir Hären, wou sech déi néideg Zäit geholl gëtt, fir a Rou an am Detail iwwer Gesetzesprojeten, awer och Theme-gebiddere ze diskutieren. Et ass wichteg, datt an engem Parlament, niewent där reng legisla-tiver Aarbecht, mat deem néidege Recul iwwer Visiounen a Konzepter kann diskutéiert ginn, dat an aller Transparenz an am Dialog mam Bierger. Ech si kee Frënd vun enger „fast democ-racy“ an dofir plädieren ech och, datt mir eis heiansdo déi Zäit ginn, déi mir eis mussen huelen, fir méi déifgrënneg iwwert déi wichtegst Zukunftstheme vun dësem Land ze disku-tieren.

Léif Kolleeginnen a Kolleegen, Dir Dammen an Dir Hären, et sinn an de leschte Joren, ganz besonnesch säit dem Akraafttriede vum Lissaboner Vertrag, vill positiv Moosname geholl ginn, fir d'Roll an d'Gewichtung vun den nationale Parlamenter an der Europäescher Unioun ze stäerken. Mä och wann d'Situatioun sech sécherlech verbessert huet, esou musse mir weider dofir kämpfen, datt mir als national Par-lamentarier méi fréi a méi enk an den Déci-siounsprozess vun deene politeschen Entschee-dunge mat agebonne ginn. Europa brauch na-tional Parlamenter, déi aktiv an der Gestaltung vun der Unioun matschaffen. Lëtzebuerg brauch e staarkt an autonomt Parlament. Nëmme duerch eis dagdeeglech Efforten an eise permanenten Asaz ass dat méiglech.

Ech géif mir dofir fir dës Sessioun wënschen, datt mir, éischten, weider, wéi dat bis elo de Fall war, mat deemselwechten Engagement an darselwechter Iwwerzeegung eis mat deenen europapoliteschen Dossierer auserneesetzen. An zweetens, datt mir nach méi den Dialog mam Bierger verdéiwen, fir engersäits déi na-tional, europäesch an international Sujeten do-baussen ze erklären, awer anersäits och d'Ängschten an d'Suerge vun de Leit besser an den Décisiounsprozess kënnen mat ze inte-grieren.

Ech géif wëlle schléisse mat engem Zitat, dat ech scho gebraucht hunn a menger Inter-ventioun vum virleschte Méindeg, nämlech vum Louis Armand vun der Académie française, deen ech zitieren: «Une démocratie est d'autant plus solide qu'elle peut supporter un plus grand nombre d'informations de qualité.»

Fir d'Soliditéit vun der Demokratie an Europa ze garantieren an ze verbesseren, hunn déi national Parlamenter d'Responsabilitéit, fir dës grouss Zuel vun Informatiounen iwwer Europa un hir Bierger weiderzereechen an an engem

permanenten Dialog mat hinnen iwwer dës ze diskutieren. An deem Sënn géif ech eis alle-querte vill Energie, Geduld an Engagement fir déi nei Sessioun wënschen.

Ech soen lech Merci.

► **Plusieurs voix.** - Très bien!

## 6. Communications

► **M. le Président.** - Ech hu folgend Kommu-nikatiounen un d'Chamber ze maachen:

1) D'Lëscht vun deenen neie parlamenta-reschen Ufroen a vun den Äntwerten ass um Bureau déposéiert.

2) Folgend Projekte goufen an der Administra-tion parlementaire déposiert: de 15. Septem-ber vun der delegierter Ministesch fir d'Fonction Publique de Projet de loi 6330 iwwert d'Identifikatioun, den nationale Regëster an d'Carte d'identité; den 21. September vum Ausseminister de Projet de loi 6332, eng Kon-ventioun mat Tunesien iwwert d'Sécurité so-ciale; de 27. September vum Justizminister de Projet de loi 6333 iwwert d'Organisatioun vum Notariat; deeselwechten Dag vum Ausseminis-ter de Projet de loi 6334 iwwer e Stabilitéitsme-chanismus fir d'Memberstate vun der Eurozon an de Projet de loi 6335, e Memorandum zu engem Accord vun de Benelux-Länner iwwert d'Krisegestioun an d'Grenzen.

Den 29. September da vum Finanzminister de Projet de loi 6336 iwwert d'Steiermesurë fir d'Energieeffizienz ze förderen; deeselwechten Dag vum Ausseminister de Projet de loi 6337, en Accord mat dem Kosovo iwwert d'Readmis-sion de personnes en situation irrégulière; den 30. September vum Justizminister de Projet de loi 6338 iwwert déi international Widderhue-lungsdoten; den 3. Oktober vum Aarbechtsmi-nister de Projet de loi 6339, eng Ofännerung vum Code du travail; de 4. Oktober vum Ver-deedegungsminister de Projet de règlement grand-ducal 6340 iwwert déi lëtzebuergesch Participatioun bei der KFOR; a schliesslech de 5. Oktober vum Finanzminister de Projet de loi 6350 iwwert de Budget 2012.

3) Den 3. an de 4. Oktober 2011 war zu War-schau déi 46. COSAC. D'Chamber war vertreue-den duerch déi Häre Fernand Boden, Ben Fayot, Eugène Berger, Félix Braz a Gast Gibéryen.

4) Vum 7. bis den 10. Oktober huet déi 57. Ses-sion annuelle vun der Assemblée parlementaire vun der NATO zu Bukarest stattfonnt. D'Cham-ber war vertreuden hei duerch d'Madame Nancy Kemp-Arendt.

5) Den 29. September 2011 huet den LCGB d'Petitioun N°311 (veuillez lire: N°310) iwwert d'Assimilatioun vun de qualifizéierte speziali-sierten Infirmiëren un de BTS eragereecht.

### Communications du Président - séance pu-blique du 11 octobre 2011

1) La liste des questions au Gouvernement ainsi que des réponses à des questions est déposée sur le bureau.

Les questions et les réponses sont publiées au compte rendu.

2) Les projets de loi et le projet de règlement grand-ducal suivants ont été déposés à l'Adminis-tration parlementaire:

**6330** - *Projet de loi relative à l'identification des personnes physiques, au registre national des per-sonnes physiques, à la carte d'identité, aux regis-tres communaux des personnes physiques et por-tant modification de*

1) l'article 104 du Code civil;

2) la loi modifiée du 22 décembre 1886 concer-nant les recensements de population à faire en exécution de la loi électorale;

3) la loi modifiée du 30 mars 1979 organisant l'identification numérique des personnes phy-siques et morales;

4) la loi communale modifiée du 13 décembre 1988;

5) la loi électorale modifiée du 18 février 2003

Dépôt: Mme Octavie Modert, Ministre déléguée à la Fonction publique et à la Réforme administra-tive, le 15.09.2011

**6332** - *Projet de loi portant approbation de la Convention de sécurité sociale entre le Grand-Du-ché de Luxembourg et la République Tunisienne, signée à Tunis, le 30 novembre 2010*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 21.09.2011

**6333** - *Projet de loi portant modification de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organi-sation du notariat*

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre de la Justice, le 27.09.2011

**6334** - *Projet de loi portant approbation de la décision du Conseil européen du 25 mars 2011 modifiant l'article 136 du traité sur le fonctionne-ment de l'Union européenne en ce qui concerne un mécanisme de stabilité pour les États membres dont la monnaie est l'euro*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 27.09.2011

**6335** - *Projet de loi portant approbation du Mé-morandum d'accord concernant la coopération dans le domaine de la gestion des crises pouvant avoir des conséquences transfrontalières entre le Royaume de Belgique, le Royaume des Pays-Bas et le Grand-Duché de Luxembourg, signé à Luxem-bourg, le 1<sup>er</sup> juin 2006*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 27.09.2011

**6336** - *Projet de loi déterminant différentes me-sures fiscales destinées à encourager l'améliora-tion de l'efficacité énergétique dans le domaine du logement et portant modification:*

- de la loi modifiée du 30 juillet 2002 déterminant différentes mesures fiscales destinées à encourager la mise sur le marché et l'acquisition de terrains à bâtir et d'immeubles d'habitation;

- de la loi modifiée du 4 décembre 1967 concer-nant l'impôt sur le revenu

Dépôt: M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 29.09.2011

**6337** - *Projet de loi portant approbation de l'Ac-cord entre le Royaume de Belgique, le Grand-Duché de Luxembourg et le Royaume des Pays-Bas (les États du Benelux) et la République du Kosovo relatif à la reprise et à la réadmission des personnes en situation irrégulière (Accord de re-prise et de réadmission) et du Protocole d'appli-cation, signés à Bruxelles, le 12 mai 2011*

Dépôt: M. Jean Asselborn, Ministre des Affaires étrangères, le 29.09.2011

**6338** - *Projet de loi relative à la récidive interna-tionale*

Dépôt: M. François Biltgen, Ministre de la Justice, le 30.09.2011

**6339** - *Projet de loi modifiant les articles L. 126-1 et L. 541-1 du Code du travail*

Dépôt: M. Nicolas Schmit, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Immigration, le 03.10.2011

**6340** - *Projet de règlement grand-ducal modi-fiant le règlement grand-ducal modifié du 5 dé-cembre 2007 concernant la participation du Luxembourg à la Force de l'OTAN au Kosovo (KFOR)*

Dépôt: M. Jean-Marie Halsdorf, Ministre de la Dé-fense, le 04.10.2011

**6350** - *Projet de loi concernant le budget des re-cettes et des dépenses de l'État pour l'exercice 2012*

Dépôt: M. Luc Frieden, Ministre des Finances, le 05.10.2011

3) Les 3 et 4 octobre 2011 s'est déroulée à Varso-vie la 46<sup>e</sup> Conférence des Organes spécialisés dans les Affaires communautaires. La Chambre des Députés y était représentée par MM. Fernand Boden, Ben Fayot, Eugène Berger, Félix Braz et Gast Gibéryen.

4) La 57<sup>e</sup> Session annuelle de l'Assemblée parle-mentaire de l'OTAN s'est tenue à Bucarest du 7 au 10 octobre 2011. Mme Nancy Kemp-Arendt y a représenté la Chambre des Députés.

5) En date du 21 septembre 2011, le LCGB a in-troduit la pétition n°310 pour l'assimilation des infirmiers spécialisés qualifiés aux diplômés BTS.

(Tous les documents peuvent être consultés à l'Administration parlementaire.)

## 7. Horaire de début des séances pu-bliques

Eist Reglement gesäit a sengem Artikel 29 Alinéa 4 vir, datt d'Sitzungen um hallwer dräi ufänken, ausser, d'Chamber géif aneschers doriwwer befannen. An hirer Réunioun vum 6. Oktober huet d'Presidentekonferenz decidéiert, der Chamber virzeschloen, d'Sitzunge méi fréi unzefänken. Dëschdes géif d'Chamber um hallwer dräi zesummekommen a mëttwochs an donneschdes um zwou.

Ass d'Chamber mat dëser Proposition aversta-nen?

(Assentiment)

Dann ass dat esou decidéiert.

## 8. Ordre du jour

D'Presidentekonferenz schléit fir dës Woch fol-genden Ordre du jour vir: haut de Mëtteg de Projet de loi 6277 iwwert d'Hënn, nom Basis-modell; de Projet de loi 6216 iwwert d'Agences de notation de crédit, nom Basismodell; dann de Projet de loi 6285, en Ofkommen mat Däitschland iwwer eng Grenzbréck op der Mu-sel, nom Basismodell.

Muer de Mëtteg um zwou eng Deklaratioun vun der Madame Kooperatiounsministesch iwwert d'Entwécklungshëllef mat uschlëissen-der Debatt, nom Modell 2; den zweete Vote constitutionnel iwwert de Projet de loi 5816 iwwert d'Konkurrenz; de Projet de loi 6291, eng Ofännerung vum Gesetz iwwert de Régime temporaire de garantie en vue du redressement économique, och nom Basismodell.

Den Donneschdeg de Mëtteg um zwou eng Oriëntierungsdebatt iwwert déi grouss Infra-strukturprojete vum Stat, nom Modell 1; dann eng Aktualitéitsstonn vun der DP iwwert d'Sé-cherheet vun der Atomzentral zu Cattenom; a schlussendlech eng Aktualitéitsdebatt iwwert d'Positioun vun der Regierung zu de Projeten zu Wickreng an zu Léiweng. D'Fraktiounen hunn hei 15 Minutten, d'Sensibilités politiques fënnen Minutten an d'Regierung 30 Minutten Zäit.

Ass d'Chamber domadder averstanen?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Da komme mer elo vum Projet de loi 6277 iwwert d'Hënn. D'Riedezäit ass hei nom Basis-modell festgeluecht. Et hu sech bis elo ageschriwwen: déi Häre Wagner a Colombero. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Ben Scheuer. Här Scheuer, Dir hutt d'Wuert.

## 9. 6277 - Projet de loi modifiant la loi du 9 mai 2008 relative aux chiens

### Rapport de la Commission de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural

► **M. Ben Scheuer** (LSAP), rapporteur.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech ver-weise virewech op de schrëftleche Rapport a wäert mäi mëndleche Rapport kuerz faassen. Just ee kuerze Rappel: de Projet de loi 6277 än-nert d'Hondsgesetz vum 9. Mee 2008. De Pro-jet ass de 14. Abrëll 2011 déposiert ginn. De Statsrot huet de 16. September säin Avis of-ginn. De Rapport ass de 5. Oktober eestëmmeg ugeholl ginn. D'Gesetz vum 2008, dat souge-nannte Muppegesetz, ass, wéi et ausgeschafft ginn ass, vill diskutéiert ginn, an elo, bei der Diskussioun vun den Amendementer zu deem Grondgesetz, ass e kleng Bilan gezu ginn.

E puer Remarquen aus der Kommissioun: Am Moment kenne mer d'Zuel vun den Hënn zu Lëtzebuerg net. D'Gemengen hu keng Don-néeën un de Ministère eraginn. D'Fro ass och, ob d'Gemengen iwwerhaapt wëssen, wéi vill Hënn an der Gemeng liewen. D'Fro ass och ge-stallt ginn, ob Kontrolle gemaach ginn, wéi d'Gesetz respektéiert gëtt. Et schéngt awer esou ze sinn, datt wéineg Reklamatioune géint d'Gesetz agelaf sinn an datt d'Plainté géint Hondsbesëtzer net zougeholl hunn.

Wat ännert mat dësem Gesetz? Duerch dat heite Gesetz gëtt déi sougenannt Déclaration annuelle ofgeschaf. Beim Recensement gi keng Donnéeën méi iwwert den Hond gefrot. Dëst ass selbstverständlech eng Vereinfachung fir d'Ver-waltungen a sécher och eng Vereinfachung fir d'Propriétaire vun engem Hond, déi all Joer Informatiounen iwwer hiert Déier hu missen erareeche. De Statsrot ass och do dermat d'accord.

D'Regierung hat an hirem ursprénglechen Text vun dësem Gesetzesprojet virgesinn, datt bei der Umeldung vum Hond de Propriétaire eng Deklaratioun misst ënnerschreiw, datt hien all senge Verpflichtunge géif nokommen. De Statsrot huet awer zu Recht drop higewisen, datt dës Léisung juristesche iwwerflësseg ass. All Bierger ass verpflichtet, sech un d'Gesetz ze halen. Dat gëllt och fir d'Hondsgesetz. Et mécht dofir kee Sënn, e Bierger zousätzlech ënnerschreiw ze doen, datt hie sech verpflichtet, déi gesetzlech Bestëmmungen ze respektieren.

D'Chamberskommissioun huet sech dem Argu-ment vum Statsrot ugeschloss, fir op déi Dé-claration initiale ze verzichten. Et bleift deemno am Prinzip eng eenzeg Modifikatioun, déi doranner besteet, déi jährléich Deklaratioun am Kader vun der Volkszählung falen ze loosse.







Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech soe Merci fir d'Nolauschteren a ginn den Accord vun der LSAP-Fraktioun zu dësem Projet de loi.

► **Une voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Scheuer Merci, an als éischte Riedner ass den honorabelen Här Wagner agedroen.

### Discussion générale

► **M. Carlo Wagner (DP).**- Här President, ech wëll dem honorabele Rapporteur, dem Här Ben Scheuer, Merci soe fir deen exzellente mëndlechen a schrëftleche Rapport a ginn domadder den Accord vun der Demokratescher Partei.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Wagner. Da kritt d'Wuert den Här Colombera.

► **M. Jean Colombera (ADR).**- Merci, Här President. Ech wëll fir d'Éischt dem honorabelen Här Ben Scheuer Merci soe fir de mëndlechen a schrëftleche Rapport. Ech wëllt de Minister awer gär froen: Wat ass déi Grondiddi vun enger Hondsteier?

Den Hond, deen huet jo e gewëssen Notzen, gewësse Fonctiounen, zum Beispill als Wuecht-hond, zum Beispill als Kumpen vun eise Kanner - déi wuesse jo bekanntlech besser op, wa se een Hond hunn, wa se Déieren hunn -, zum Beispill als Accompagnateur vu Leit, déi méi al sinn, déi hire Partner verluer hunn. Oder einfach bei behënnerte Leit, d'Blannenhënn zum Beispill.

Dofir wollt ech froen: Wat ass dann déi Grondiddi dovunner, dass eng Tax opgehuewe gëtt? A firwat nëmme beim Hond a net bei aneren Déieren? A kéint een net vläicht eng Kéier op d'Iddi kommen, vu dass déi Fonctioun vun engem Hond awer eng nützbar Fonctioun ass, eng Kéier déi Steuer awer einfach falen ze loosse?

Ech soen Iech Merci. Dat gesot, gi mer den Accord zu dem Projet.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- Merci dem Här Colombera. D'Wuert kritt dann den Här Clement.

► **M. Lucien Clement (CSV).**- Merci, Här President. Ech wëll och elei vun der Geleeënheet profitéieren, fir dem Ben Scheuer, dem Kollege Ben Scheuer, Merci ze soe fir säin ausféierleche Bericht zu dësem Projet a gi selbstverständlech och den Accord vun der CSV-Fraktioun.

► **M. le Président.**- Merci och dem Här Clement. Dann hunn ech keen agedroenen Deputéierte méi. Et kritt nach d'Wuert den zoustännege Minister, den Här Schneider.

► **M. Romain Schneider, Ministre de l'Agriculture, de la Viticulture et du Développement rural.**- Merci, Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif fir d'Éischt och vun dëser Plaz aus dem Rapporteur, och der Kommissioun, e grouse Merci soe fir dat séiert Schaffen an dësem Dossier. Relativ séier gouf den Avis vum Conseil d'État dann och unanime an der Kommissioun ugeholl.

Et ass richtig gesot ginn, datt mer hei d'ganz Gesetz net änneren, mä virun allem hëllefen, eng Simplification administrative fir d'Gemengen ze maachen, well an nächster Zukunft jo virgesinn ass, de Recensement ofzeschaffen an doduerch eigentlech, souwuel fir de Bierger wéi och fir d'Gemengen, eng Simplificatioun ze bréngen.

Nun, déi Fro vum Här Colombera, dat mengen ech, ass: An dësem Gesetz bestätege mer nach eng Kéier, datt d'Gemengen d'Méiglechkeet kréien, eng Tax anzeféieren, an et läit selbstverständlich un de Gemengen - autonomie communale -, fir dës Tax an der Héicht festzeleeë respektiv och net unzewennen.

Mä ech géif mengen, datt dës Tax an deenen eenzelne Gemengen och ënnerschiddlech, mä virun allem op engem ganz niddregen Niveau agehale gëtt, sou datt virun allem och do, wou Hënn virun allem Begleetpersounen sinn, dat effektiv och an engem soziale Volet ka geschéien.

An deem Sënn géif ech der Chamber Merci soen, datt mer dëst Gesetz géife stëmmen, an et géif mat Sécherheet derzou bäidroen, fir eng Simplification administrative ze kréien.

► **M. le Président.**- Merci dem zoustännege Minister. Domat ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6277 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes, Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err (par M. Roger Negri), MM. Ben Fayot, Claude Haagen, Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz (par Mme Claudia Dall'Agnol);

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur (par M. Xavier Bettel), MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Mir kommen dann elo zum Projet de loi 6216 iwwert d'Agences de notation de crédit. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht an et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Meisch. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Michel Wolter. Här Wolter, Dir hutt d'Wuert.

## 10. 6216 - Projet de loi mettant en œuvre le règlement (CE) n°1060/2009 du Parlement européen et du Conseil du 16 septembre 2009 sur les agences de notation de crédit et portant modification de:

1) la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier;

2) la loi modifiée du 8 décembre 1994 relative:

- aux comptes annuels et comptes consolidés des entreprises d'assurances et de réassurances de droit luxembourgeois,

- aux obligations en matière d'établissement et de publicité des documents comptables des succursales d'entreprises d'assurances de droit étranger

### Rapport de la Commission des Finances et du Budget

► **M. Michel Wolter (CSV), rapporteur.**- Här President, Léif Kollegen, beim virleiende Projet handelt et sech ëm e sougenannten „Omni-bus“, well an deem Projet hei eng Rei vu verschiddenen Direktiven ëmgesat ginn am Finanzberäich. An zwar sinn et dräi verschidde Voleten, wou vun deen éischte sech mat de Pouvoire vum der CSSF an dem Commissariat aux assurances beschäftegt.

Wéi mer alleguerte wëssen, ass d'CSSF déi national Iwwerwaachungsautoritéit vun de Finanzacturen op der Lëtzeburger Finanzplaz. Duerch d'Artikelen 59 bis 63 vum ofgeännerte Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Finanzsektor huet d'CSSF e Weisungs- an Entzugsrecht a kann administrativ Sanktiounen géint Finanzacturen aussprechen, déi an hiren Zoustännegkeetsberäich falen. Dës Pouvoire ginn elo ausgedehnt, an zwar op d'Ratingagenturen respektiv Entreprises an Drëttpersonen, déi fir dës Agentur schaffen, esou wéi dat am Artikel 4 Paragraph 1 vun der europäescher Veruerdnung 1060/2009 vum 16. September 2009 iwwert d'Ratingagenturen definéiert ass.

Den Droit d'injonction et de suspension an déi administrativ Sanktiounen kënnen awer nëmmen dee Moment vun der CSSF verhaange ginn, wa géint de virgenannten Artikel 4 Paragraph 1 verstouss gëtt.

Ass d'CSSF déi national Iwwerwaachungsinstanz fir de Finanzsektor, esou ass dat am Versécherungssektor de Commissariat aux assurances. Par analogie zur CSSF kritt de Com-

missariat aux assurances déiselwecht Pouvoire vis-à-vis vun de Versécherungsgesellschaftes respektiv Réassurance-Entreprises, wann déi géint den Artikel 4 Paragraph 1 vun der europäescher Veruerdnung verstoussen.

Här President, deen zweete Punkt an dësem Projet de loi ass d'Transpositioun vu verschiddenen Dispositiounen vun enger europäescher Direktiv iwwert d'Eigenkapitalofdeckung bei Wäertpabeier-Portefeuillen a Retitrisatiounen bei de Finanzinstituten souwéi iwwert d'Iwwerwaachung vun hiren Besoldungspolitik. Am Fachjargon handelt et sech hei ëm d'„Capital Requirements Directive III“, ofgekierzt CRD III.

Dës Direktiv imposéiert de Finanz- an Investmentbetreiber, datt se hir Besoldungspolitik esou mussen ëmstellen, datt hir Mataarbechter net méi encouragéiert ginn, exzessiv héich Risikogeschäfte anzegoen, déi an der Vergaangenheet deementspreechend entlount goufen. An dësem Kontext mussen dann och an dësen Haiser déi intern Kontrollmechanismen op de Leescht geholl ginn.

Haaptzil vun dëser Mesure ass et, d'Ureizer, fir iwwerdriwwen héich Risiken anzegoen, ze ënnerbannen. Et handelt sech also ëm eng Regelung zur Ofsécherung vun der Bankestabilität an domat och zur Ofsécherung vun der ganzer Finanzmaarktstabilität. An deem Sënn ginn dann d'Artikelen 5 a 17 vum ofgeännerte Gesetz vum 5. Abrëll 1993 iwwert de Finanzsektor adaptéiert.

Fir dës nei Mesuren op hir Effikassitéit hin ze präiwen, ginn d'Pouvoiren, déi d'CSSF am Kader vun der Surveillance prudentielle besetzt, weider gestärkt. Esou kann d'CSSF zum Beispill vun engem Finanz- respektiv Investmentinstitut verlaangen, datt se Dealer vun hirem Nettobenefiss musse benotzen, fir hir Assises financières ze stäerken. Ausserdem kann d'CSSF och imposéieren, datt d'Fonds propres iwwert dem virgeschriwwene Minimum musse leien, deemno wéi eng Risiken déi verschidden Instituten bei hire Geschäfte agange sinn.

Här President, Léif Kollegen, beim leschte Punkt vun dësem Projet de loi geet et dann ëm eng weider Ëmsetzung vun enger Dispositioun vun enger europäescher Direktiv, dës Kéier zugonschte vum Assurancesektor. Et handelt sech ëm d'Ëmsetze vum Artikel 2 vun der Direktiv 2009/49/CE iwwert d'Publikatiounspflichte vu mëttelgrousse Gesellschaften souwéi d'Obligatioun zum Erstelle vun engem konsolidéierte Kont.

Duerch d'Ëmsetze vun dësem Artikel ginn d'Mammenhaiser vu Versécherungs- a Réckversécherungsgesellschaften, déi Filiale bedriewen, déi eng ënnergeuerdnet Roll spillen, vun der Erstellung vun engem konsolidéierte Kont entbonnen. Domadder gëtt de Verwaltungsofwand erofgesat. Et handelt sech ëm eng sougenannten administrativ Vereinfachung, well d'Gesellschaften zum Schluss vum Joer net quasi zweemol deeselwechte Joresofschloss mussen erstellen.

D'Budgets- a Finanzkommissioun huet d'Remarquen, déi de Statsrot formuléiert huet zu dësem Projet, quasi alleguerten iwwerholl an hinne Rechnung gedroen, ier se dann deen definitiven Text ugeholl huet. Et sief nach drun erënnert, datt de Statsrot an engem Bréif vum 5. Mee 2011 weider Informatiounen a Präzisatiounen zu verschiddenen Dispositiounen vun dësem Projet de loi bei der Regierung gefrot huet an och den 8. Juni op dës Fro geäntwert huet.

Fir weider Detailer zu dësem Projet de loi an den Explikatiounen op d'Fro vum der Chambre de Commerce notamment verweisen ech op de schrëftleche Rapport vun der Kommissioun.

Ech bieden Iech zum Ofschloss vu mengem Rapport am Numm vun der Finanzkommissioun, dëst Gesetz ze stëmmen, a soen Iech Merci fir Äert ugereeget Nolauschteren.

► **Plusieurs voix.**- Très bien!

► **M. le Président.**- An ech soen dem Här Rapporteur Michel Wolter Merci. Hie schéngt esou kloer an am Detail op de Projet agaangen ze sinn, datt kee méi wëllt dozou d'Wuert huelen. Ech ginn och net dervun aus, datt d'Regierung nach eppes wëllt soen. Domadder ass d'Diskussioun ofgeschloss a mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi.

### Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmung fänkt un. Fir d'Éischt déi perséinlech Stëmmen. De Vote par procuration. De Vote ass ofgeschloss.

De Projet de loi 6216 ass ugeholl mat 59 Jo-Stëmmen, géint 1 Enthaltung.

Ont voté oui: Mmes Diane Aehm, Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, MM. Fernand Boden, Lucien Clement, Mme Christine Doerner, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Mme Marie-Josée Frank, MM. Léon Gloden, Norbert Hauptert, Ali Kaes,

Marc Lies, Mme Martine Mergen, MM. Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Mme Tessy Scholtes, MM. Marc Spautz, Robert Weber, Lucien Weiler, Raymond Weydert, Serge Wilmes et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot, Claude Haagen (par M. Roger Negri), Jean-Pierre Klein, Lucien Lux, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Ben Scheuer et Mme Vera Spautz;

MM. André Bauler, Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, MM. Fernand Etgen, Paul Helminger, Claude Meisch, Mme Lydie Polfer et M. Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Henri Kox, Mmes Josée Lorsché et Viviane Loschetter;

MM. Jean Colombera, Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes et Fernand Kartheiser.

S'est abstenu: M. André Hoffmann.

Wëllt ee seng Enthaltung begrënnen?

### (Interruption)

Den Här Hoffmann freet d'Wuert.

► **M. André Hoffmann (déi Lénk).**- Ech froen nach eng Kéier d'Wuert. Dat do ass eng Form vu Regulatioun vum Finanzsektor, déi mir net duergeet ugesiicht vun den Auswierkungen vun der Kris.

► **M. le Président.**- Merci dem Här Hoffmann fir déi Begrënnung.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

### (Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

De leschte Punkt vun eiselem Ordre du jour ass de Projet de loi 6285, en Ofkommen mat Däitschland iwwer eng Grenzbréck op der Mosel. Hei ass d'Riedezäit nom Basismodell festgeluecht, an et hu sech bis elo ageschriwwen: den Här Gibéryen. D'Wuert huet elo de Rapporteur vum Projet de loi, den honorabelen Här Lucien Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

## 11. 6285 - Projet de loi portant approbation de la Convention entre le Grand-Duché de Luxembourg et la République fédérale d'Allemagne relative au renouvellement et à l'entretien du pont frontalier sur la Moselle entre Wellen et Grevenmacher, signée à Grevenmacher, le 21 octobre 2010

### Rapport de la Commission du Développement durable

► **M. Lucien Clement (CSV), rapporteur.**- Merci, Här President. Dir Dammen, Dir Hären, de virleiende Projet ass de 17. Mee 2011 vum Ausseminister déposéiert ginn. De 15. Juli huet de Statsrot säin Avis dozou ofginn. De 25. Mee huet d'Nohaltegkeetskommissioun mech zum Rapporteur genannt an den 28. September huet déiselwecht Kommissioun de Projet an den Avis vum Statsrot diskutéiert. Deemno konnt dann dës Rapport de 6. Oktober unanime ugeholl ginn.

Här President, Léif Kolleginnen a Kollegen, obschonns dat hei e rege Finanzéierungsprojet ass, wëll ech dach awer ganz kuerz op en Historique net verzichten. Jiddweree vun eis, deen emol schonn géint fënnef Auer nom Schaffen aus der Stad op Maacher gefuer ass, weess, wat do op en duerkennt: Stau de Potaschbiereg erf bis op d'Bréck. Moies virun aacht ass et ongeféier den ëmgedréitene Wee de Fall.

Et ass effektiv esou, datt déi Maacher Bréck eng vun deene meeschtbefuerene Strecken am Oste vum Land ass. Nodeems déi al Bréck am Krich zerstéiert gi war, ass d'Bréck, wéi mer se elo kennen, zwëschen '53 an '55 nei opgebaut ginn. Si ass 215 m laang, an en Tablier läit op fënnef laange préfabriquierte Bëtongsputteren.

Wéi gesot, et leeft enorm vill Trafic iwwert dës Bréck, wat ënner anerem mat sech bréngt, datt d'Ponts & Chaussées bei hire regelméisseg Inspektiounen verschidde Mängel hu misse feststellen. Et ass doropshi gekuckt ginn, wat ee ka maachen, an et ass een zur Konklusioun komm, datt wirtschaftlech gesinn eng Renovéierung méi sënnavoll wier (veuillez lire: net sënnavoll wier), an aus deem Grond gëtt eng nei Bréck gebaut.

D'Konventioun, iwwert déi mir haut ofstëmmen, regelt al finanziell, steierlech, administrativ an technesch Aspekter vum Projet, déi am Laf vum Bau oder duerno beim Ënnerhalt wäerten op eis duerkommen. No den Diskus-